


07. Oktober 2023 / 70

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Bei de Jugendsektiounen huet praktesch iwwerall am Land Formatioun nees ugefaangen.

Den Nationale Cross (30.09.2023 am Préizerdaul) ass gutt verlaf a nodeems CIS Rambrouch fir 3ten kéier déi 1. Plaz beim Jugendclassement (Coupe Jean Stracks) beluecht hunn, dierfe si des Coupe an hirem Zenter stoe loossen. BRAVO 😊

Och dëst Joer wäerten DPV, INFS-JP, DMS a JFA nees an deene 4 Regioun passéieren fir mat iech iwwert allgemeng Themen ze schwätzen. Dir dierft awer och am Virfeld schonns är Froen era reechen a des wäerten da bei de Reunioune beschwat ginn.

Daten, déi schonns fest stinn:

| | |
|---|---|
| Zentrum | > 28.11.2023 um 19.30 Auer am CIS Mamer |
| Osten | > 29.11.2023 um 19.00 Auer am CIS Waldbëlleg |
| Süden | > 30.11.2023 um 19.00 Auer am CIS SaDiff |
| Norden | > Hei ass INFS-JP nach um kucken, wou d’Reunioun kann ofgehale ginn. |

Wann dir awer elo net an ärer Zone/Regioun kéint dobäi, ass et kee Problem an eng aner Regioun ze goen.



# SITE MOBILE
## JUGENDPOMPJEEËN




Centre National
d'Incendie et de Secours (CNIS)
**31.10.2023 /// Nomëttes**

**Wiltz**
**14.11.2023 /// Nomëttes**

**Wann Dir äert Kand wëllt fir d'medezinesch Ënnersichung umellen, kennt Dir Iech an eisem Sekretariat STP mellen**

**Tél.: +352 49771 2411**
**E-mail: dms-sante@cgdis.lu**

Fir e medezinesche Rendez-vous am STP ze plangen, rufft w.e.g. um 49771 2411 un, Méindes-Freides vu 09.00-12.00 an 13.00-15.30 Auer.

Centre National d'Incendie et de Secours
3, boulevard de Kockelscheuer
L-1821 Luxembourg

@cgdislux

**Wëssenstester: Hei pur Daten fir an ären “Save the Date”.**

| Datum | Zone | Wou | Auerzäit |
|---|---|---|---|
| 04.11.2023 | NORDEN | Redange | 15.00 |
| 11.11.2023 | OSTEN | Consdorf | 09.00 |
| 18.11.2023 | ZENTRUM | Lintgen | 09.00 |
| | | | |
| 09.12.2023 | No-Test | Lintgen | 14.00 |

**INFO’EN säitens der DPV (Départment des Pompiers volontaires)**

*De Link zu der Newsletter: https://gd.lu/5Zlb31*

Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d’Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.

## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet

Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d’Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d’Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d’Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D’Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

**«Rekrutéierungsdeeg» 2023: -> Oppaassen hei hunn Datumer geännert!**

Donneschdes, 26. Oktober (komplett)
Samschdes, 02. Dezember (komplett)
Donneschdes, 14. Dezember

D’Rekrutéierungsdeeg fannen ëmmer am Centre national d’Incendie et de Secours statt.

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**



Den 30.09.2023 huet den nationale Pompjeescross am Préizerdaul stattfonnt. Ewéi all Joer hunn sech Leeferinnen a Leefer gutt dru ginn.

Flott war och, dass de Sportminister Georges Engel eise klenge Leeferinnen a Leefer hir Medail iwwerreecht huet.

Hei si d'Resultater am Jugendberäich.




**Bambini Herren:**

1 Beauchet Charel — CIS Mondorf
2 Steffen Finn — CIS Redange
3 Stoffel Leo — CIS Redange




**Minimes Damen:**

1 Simoes Laura — CIS Bettembourg
2 Hubert Phoebe — CIS Rambrouch
3 Burg Emily — CIS Rambrouch




**Minimes Herren:**

1 Rinnen Chris — CIS Weiswampach
2 Schmit Noah — CIS Wincrange
3 Timmermanns Alexis — CIS Kahler





nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

**Pupilles 1 Damen:**

1 Kohn Olivia CIS Roeserbann
2 Buchler Lina CIS Nommern
3 Kieffer Andrea CIS Useldange



**Pupilles 1 Herren:**

1 Da Luz Noah CIS Fischbach
2 Dos Santos Isaque CIS Rambrouch
3 Bernasconi Eden CIS Beckerin



**Pupilles 2 Damen:**

1 Szabo Johanna CIS Mamer
2 Gaspar Olivia CIS Weiswampach
3. Van Crombrugg Trysken CIS Mamer



**Pupilles 2 Herren:**

1 Braun Brandon CIS Rambrouch
2 Thill Charel CIS Rambrouch
3 Thompson Sebastiaan CIS Kahler



**MERCI**
**un alleguerten d'Leit déi gehollef hunn, dass de Cross nees een Erfollëg war 😊**

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Institut National de Formation des Secours
Département Formation Spécialisée
Pédagogie Jeunes-Pompiers





## Dekoratioun fir d'Chrëschbeemercher

WALYGATOR



Léif Moniteuren,

maacht mat ärer Jugendsektioun beim Concours vun der Chrëschtbaamdekoratioun mat a gewannt Kaarte fir an de Walygator Fräizäitpark zou Maizières-Lès-Metz a Frankräich (https://www.walygatorparc.com/grandest/).

**WIEN:** Gewanne kënnen all Jugendpompjeeën aus der Sektioun, déi eng Chrëschtbaamdekoratioun gebastelt hunn.

**WAT:** Op mannst solle 15 Dekoratiounsobjete gebastelt ginn, déi net méi grouss ewéi 15x15x15 cm sinn. Op engem Stéck soll de Logo vum CGDIS ewéi den Numm vum CIS stoen.

Zum Bastele soll w.e.g. recycelt Material benotzt ginn.

**WÉINI:** D'Dekoratioune kënne bis spéitstens den 20. Oktober 2023 mat folgendem Formulaire am Sekretariat vum INFS ofginn oder erageschéckt ginn.

Duerno wäert eng Jury, bestoend aus Membere vum CODIR, CA an dem Jugendausschuss, d'Saache bewäerten. D'Gewënner gi bis de 24. November 2023 benoriichtegt.

Mir wënsche iech vill Gléck!

Pédagogie Jeunes-Pompiers
**Institut National de Formation des Secours**
Département Formation Spécialisée

Tél: +352 49771 2591
E-Mail: infs-jp@cgdis.lu

**Corps grand-ducal d'incendie et de secours**
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +352 49771 2591 · infs-jp@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

Institut National de Formation des Secours
Département Formation Spécialisée
Pédagogie Jeunes-Pompiers



# Formular zur Weihnachtsbaumdekoration

| |
|---|
| CIS Zugehörigkeit: |
| Chef CIS: |
| Chef d'unité- moniteur JSP: |
| Anzahl der Dekorationsstücke: |
| Namen der Kinder die gebastelt haben: |

| | Nachname, Vorname: | | Nachname, Vorname: |
|---|---|---|---|
| 1. | | 11. | |
| 2. | | 12. | |
| 3. | | 13. | |
| 4. | | 14. | |
| 5. | | 15. | |
| 6. | | 16. | |
| 7. | | 17. | |
| 8. | | 18. | |
| 9. | | 19. | |
| 10. | | 20. | |

Corps grand-ducal d'incendie et de secours
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg - Tél. +352 49771 2591 - infs-jp@cgdis.lu - www.cgdis.lu
Établissement public - R.C.S. LUXEMBOURG J64 - Matricule national : 2018 52 000 36

# VAKANZ AN DER BELGE

Subaal di gruuss Vakanz aafgefongen haat, han sich direkt etlich Jugendpompjeeën matt hirren Moniteuren aus dem Groupement Our mi prezis aus den CIS'en Ëlwen, Housen, Wëntger an Wäiswampich op de Wee gemaat vir an 5 spassig Deeg ze starten. D'Reis gung direkt den 15.07. lass matt Sack an Pack an des Keier oh na mam Velo am Gepäck an Richtung Bütgenbach. Mer han zwar hei keng Zelter opgeriit mee eis an 3 verschidden Bungalowen direkt beim See ageriit. Nom Mëttigeessen sen mer op Monschau gefahren, do haaten mer eng Virfeierung an der Glasbläserei wu mer bestaunen konnten wi eng Figuren an Geigenstänn alles aus Glas kann hiergestallt gän. Dorno konnt jiddereen seng eegen Glaskugel bloosen, dei en dann oh matt heem konnt hualen. No enger Stärkung matt enger Glass an dem iydllischen Monschau an engem Picknick kruuten mer an 4 Gruppen d'Städchen Monschau van hiren Guiden erklärt. Owes sen mer well bessen meid zréck op Bütgenbach kommen an woren fruh vir du an eis Better ze krauchen.

Den anneren Moien gung et nom Kaffi, goud gestärkt direkt op de Velo. Di eng sen iwwert d'Velospist "RAVEL" gefahren di anner rondrem de See an di mi Kleng han Spiller an Velo mattenee verbonnen. Mettes sen mer op d'Burg Reinhardtstein gefahren. Do wor zoufällig "Festival des fleurs", sudass do allerhand loss wor. Di eng Grupp konnten Bogenschiessen man während di anner d'Burrig konnten kucken. Hei wor all Raum besonng sching matt Bloumen geschméckt an ee sëllig Musiker han vir Stemmung gesuarrigt. Dorno guffen d'Gruppen getosch. Owes han mer eng "Fuchsjagd" op eisem Site gemaat, dei well seit paar Jor bei de Kanner su beleiwt ass, dass mer net mi dolaanst kommen.
Mondes sen mer op Hellenthal an de Greifvogelpark gefahren wu mer den ganzen Dag bliwwen sen an niewend Greifvögel oh na vill anner Deieren konnten kucken an sugar feideren. Nom Owenteessen gung et vir di meest rem op de Velo. Vir dei mi sportlich gung et iwwert verschidden Dierfer rem zréck op Bütgenbach. Di Meest sen ewwer den Tour rondrem den See gefahren den immens sching an absolut ze empfehlen ass, vielleicht just net matt 30 Kanner :-) Mer sen trotzdem na su just akommen irr mer an d'Nait gefallen sen. Di manner sportlich sen zu Bütgenbach spazéieren gangen.

Daasdes woren mer an d'Hohes Venn wanderen. Do han mer d'Kanner an 3 Gruppen agedeelt an sen 3 verschidden Wanderweeer gangen. Mettes haaten mer 3 verschidden Aktivitéiten aagebueden. Di mi kleng Frenn sen naengekeier op de Velo geklommen. Eng 2. Grupp wor op Ovifat Bobkart fahren. Do konnten d'Kanner mam Bobkaart d'Skipist raafduusen an sen dorno rem vam Skilift ropgezujen gän. Eng spassig Affaire. Di 3. Grupp ass om Site bliwwen. Di konnten sich an 1 Nomettig an Bogenschiessen, Hochseilgarten an Kanu fahren probeieren. Viran allem den Kanu sollt sich als besonnig spassig raustellen. Well d'Wiädder den Nomëttig mattgespillt hatt, sen di Winnigst drechen bliwwen. Verschidden Moniteuren haaten d'Wasser sugar am Kanu ston, wi oh emmer datt konnt gescheihen... Owes stung vir di eng rem Fuchsjagd om Programm an vir di bessen mi geübten Velosfahren naengkeier eng Velostour rondrem de See. Des Keier gung datt bessen mi flessig an zügig.

Mettwoches wor eisen lesten Dag wu mer moies na eng Schatzsuche matt de Velo'en zu Bütgenbach gemaat han. Mettes gungen di Kleng schwammen. Di anner Kanner han de Programm vam Virdag einfach geweesselt. Geent 18h nodeems alles gepackt an gelaaden wor, sen mer rem matt villen flotten Andréck an vill Spass heemgefahren.

Speitsdens wann een Aussoën krett "Datt wor richtig cool" kann een denken ich van engem gelongen Camp schwetzen wu net alles konnt falsch geloof sen. Ich well ewwer oh na dovan profiteieren vir all denen Léckt merci ze son di eis vill gehollef han an ouni di den Camp gar net realiséierbar gewiest wir. Eis Fédératioun, eisen Zonenchef, eis Zenterchefen, den Zenterchefen di net bedeeligt woren an eis matt MTW'en ennerstëtzt han, eisen Logistikgrupp den vill Zéckt investeiert hann vir all d'Velo'en proper ze transportéieren an zulest all de Moniteuren an Monitricen di bereed woren eisen Kanner 5 flotter Deeg ze ermigligen.

https://youtu.be
/6frNhvj6fJE?si...

MERCI eech all, D'Kanner an d'Moniteuern van den CIS'en Ëlwen, Housen, Wëntger an Wäiswampich

Nadia
van Wampich :-)



**Porte ouverte Beetebuerg & Wooltz**





**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068